PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/09/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Gesondheet & Ëmwelt, Klima an nohaltëg Entwécklung weiderzeleeden.

Fuerschungsdaten vun der europäescher Ëmwelt Agence (EEA) weisen, dass d'Bierger an der EU ze ville Chemikalien ausgesat sinn. Ënnert den 3 Länner wou d'Bierger dee gesondheetsschiedleche Seuil vu Bisphenol A iwwerschratt hunn ass och Lëtzebuerg. Bisphenol A gëtt normalerweis fir d'Hierstellung vu Plastik genotzt. D'Folge vun enger ze héijer Expositioun vu Bisphenol A kënnen ee geschwächten Immunsystem, Onfruchtbarkeet an Hautirritatioune sinn.

Am Juli d'lescht Joer hat den Luxembourg Institut for Health (LIH) schonn an enger Studie vun Kanner festgestallt, dass all ënnersichtend Kand am Duerchschnëtt 61 chemesch Verbindungen a sengen Hoer hat. Am meeschte virkomm ass och hei de Bisphenol A.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi reagéiert d'Ministesch op d'Resultater vun der EEA?
2. Wat wäert gemaach ginn, fir d'Expositioun vun de Leit ze reduzéieren?
3. Wat fir Schrëtt hat d'Regierung no de Resultater vum LIH vum Juli 2022 geholl?
   Wat si bis ewell ëmgesate Mesuren?
   Gesäit ee schonn éischt Resultater?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten